

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2020

GÉINT D'ZESUMMELEEË VUN DEN A / B – GRUPPEN AM SECONDAIRE VIRUM SUMMER

Ab kommendem Méindeg, den 29. Juni, wäert de System vun den alternéierenden A/B - Gruppen an alle Lycées-Klassen der Vergaangenheet ugehéieren. Dëst huet d'Regierung de leschte Freideg am Kader vum zu deem Moment nach ëmmer gëltegen nationalen Noutstand, op Propos vum Educatiounsminister Claude Meisch hin, entscheet.

Als national representativ Gewerkschaft fir den Enseignement secondaire hu mir dem Educatiounsminister eis **grouss Bedenken zur Sënnhaftegkeet vun dëser Mesure** matgedeelt, wéi hien eis iwwert dës Entscheidung per Videokonferenz - deem éischte Kontakt no iwwer zwee Méint - **informéiert** huet.

Eis Bedenke si souwuel sanitärer, wéi och pedagogescher an organisatorescher Natur:

- **sanitärer**, well elo nees **bis zu 30 Persounen stonnelaang zesummen an engem Raum sëtze mussen, dëst ouni Maskepflicht an ouni Mindestofstand**, an dat just fir en Testlaf fir déi kommend Rentrée ze hunn.

- **pedagogescher**, well ee **mat den hallwe Klasseneffektiffer vill besser d'Lacunen opschaffe kann**, déi wäeren dem Confinement bei ville Schüler entstane sinn.

- **organisatorescher**, well innerhalb vun enger Woch jidderee **fir d'4. Kéier dëst Schouljoer de System ëmstellen** muss, dëst **ouni Nout an ouni erkennbaren Notzen**.

Ëmmerhin ass garantéiert ginn, dass all déi vulnerabel Persounen och weiderhin däerfe vun doheem schaffen. Mir hoffe jiddefalls, am Interessi vun allen Enseignanten a Schüler, dass den Educatiounsminister - an eis Regierung insgesamt – sech an dëser Decisioun just op medezinesch Argumenter baséiert hunn.

De Minister huet gesot, hien an d'Regierung géifen hei hir Verantwortung iwwerhuelen. Dofir mussen si dann och fir d'Konsequenze riicht stoen. D'FÉDUSE dréit dës Entscheidung jiddefalls net mat!

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP